# Thema „Digitaliséierung“ am Unterrecht

## Politik a sozial Medien –

## Vun de Muffelen iwwert d’sozial Medie bis op d’Geriicht

### M1 Muffelen a Social Media



***Quelle:*** *pixabay*




***Quelle:*** *facebook.com, iwwert moien.lu*

De Muffel ass keen einheimescht Déier, mä e kënnt ënnert anerem aus dem Kaukasus, dem Irak oder och dem Iran. Wéi en an eis Géigend komm ass, ass net sécher gekläert, mä an de Bëscher verursaacht e grouss Schied un de Beem. Doduerch kënne sech d’Beem net méi gutt verbreeeden an dat huet en Afloss op déi ganz Biodiversitéit an och d’ekologescht Gläichgewiicht vun de Bëscher. Fir deem entgéintzewierken, huet den Ëmweltministère ënnert der Ministesch Carole Dieschbourg am Januar 2020 eng „administrativ Juegd“ ugekënnegt, fir datt d’Muffelen erschoss ginn. Dës Decisioun huet fir vill Diskussiounen, ënnert anerem och op de sozialen Netzwierker, gesuergt.

# Thema „Digitaliséierung“ am Unterrecht

## M2 Vu Muffeljuegd zu Hetzjuegd op de soziale Medien - Eng Chronik vum Shari Pleimelding

Scho wäit am Viraus ass déi ominéis Juegd vum 29. Februar 2020 op de soziale Medien ugekënnegt an als manipulativ Waff genotzt ginn. Wa Facebook zum neie Wikipedia gëtt, an natierlech näischt anescht wéi déi absolut Wourecht presentéiert, ka sech ee Manktem un Informatioune schnell emol vu Rumeuren zur Hetzjuegd géint een Acteur entwéckelen.

Fir d’Ëmweltministesch Carole Dieschbourg ass déi rout Linn iwwerschratt: Et geet duer mat den Hetzkommentaren op Facebook an esou huet d’Politikerin vun déi Gréng elo eng Plainte agereecht. D’Juegd vum 29. Februar ass konform zu de Virgaben ugefrot, accordéiert an am Viraus och ugekënnegt ginn. Datt et sech heibäi – entgéint verschiddenen Aussoen op Facebook, et hätt sech ëm eng konkret vun der Ministesch ugefuerdert administrativ Juegd eleng op Muffelen – ëm een Akt vu 5 private Jeeër an hiren Invitéen op Wëld a Muffelen gehandelt huet, gouf net annoncéiert. (...)

Mat „der Anonymitéit vum Internet“ – et ass jo net esou, wéi wann ee Persounen zeréck verfollege kéint – hu verschidde Facebook-Notzer et esou wäit gedriwwen, hefteg Beleidegungen a souguer Mordopriff géigeniwwer der Ministesch ze äusseren. Ma geet et dann nach?

Natierlech suergt d’Zukunft vum Muffel fir vill Diskussiounsstoff. Meenungsverschiddenheete ginn et iwwerall, allerdéngs sollt „eng Debatt net op Grondlag vu Falschinformatioune gefouert ginn“, erkläert d’Carole Dieschbourg. „Mir brauchen eng gesond Diskussiounskultur ouni Menacen an ouni Dérapage.“ (…)

**Quell:** https://moien.lu/muffeljuegd-zu-hetzjuegd-carole-dieschbourg/ (gekierzt, leschten Zougrëff: 27.03.2020)

# Thema „Digitaliséierung“ am Unterrecht

## Aufgaben

1. Lies M1 an M2. Wéi eng Roll spilt e Manktem un Informatioun an däser „Hetzjuegd“?

2. Wat ass fir dech den Ënnerscheed tëscht enger Meenung an engem Haasskommentar?

3. Falen d’Kommentarer bei M1 fir dech ënnert d’Meenungsfräiheet? Erklär deng Aschätzung.

4. Wat kann een géint Haasskommentarer maachen? Recherchéier bei BEE SECURE an op der Homepage vun der Police.

5. Wéi eng Problemer an eisem Zesummeliewen entstinn nach duerch d’Anonymitéit am Internet?

   Hei kanns du och aner Artikelen zum Thema liesen:
   - https://www.wort.lu/de/lokales/echternacher-mufflons-warten-auf-die-jaeger-5e079b51da2cc1784e352eea (Zougréff: 18.03.2020)
   - https://www.rtl.lu/news/national/a/1480358.html ( Zougréff: 18.03.2020)
   - https://www.tageblatt.lu/?post_type=post&p=796510 (Zougréff: 18.03.2020)

**Autorin: Shari Shenten**

CC BY SA